® quelques conseillers ne sont pas d'accord avec ce témoignage et attestent une amélioration de la situation des excès de vitesse dans les rues concernées. D'autant plus il est rappelé que les coussins berlinois ont été choisis expressément parce qu'ils permettent aux tracteurs, normalement et de toute façon par leur nature limités à une vitesse de 40 km/h, de passer à côté des coussins;

- propose de faire inscrire sur le relevé 2023 des voiries rurales à réaménager le chemin dans le «Langebësch» au lieu-dit «Am Loch» qui se trouve pour lui dans un très mauvais état;
- s'informe sur l'état du projet de la démolition de la grange dans la «Gruusswiss» à Bollendorf-Pont et rappelle sa proposition de prévoir ici également une aire de repos et non seulement des places de stationnement pour voitures;

® les études pour le projet sont en cours et accompagnés par l'ingénieur diplômé David Schuster. L'idée de l'aire de repos est intégrée dans le projet qui sera présenté dans les meilleurs délais pour approbation au conseil communal;

Le conseiller Raoul Scholtes

- dans sa fonction de membre de la commission de l'environnement de la commune, explique que dans le développement de projets en coordination avec le parc naturel et géologique Mëlldall («Blühpartnerschaft», «Bruthilfen»), on connaît des retards à cause de changements ressources humaines et à cause de l'introduction de nouveaux projets connexes au niveau national.

Le conseiller Jean Schoos

- tient à signaler que sur une partie de l'aire de jeux «A Schmadds», il faut prochainement renouveler les limites en bois de démarquage des jeux, lesquels se trouvent dans un très mauvais état;

® en principe des travaux d'entretien des aires de jeux ont été inscrits dans le budget ordinaire de l'année 2022 et sont exécutés au fur à mesure;

- tient à signaler une situation dangereuse d'un puit se trouvant à côté de la rue «Biirkelterstrooss» près de la desserte vers le lieu «Um Bell» et qui s'est abaissé d'un bon mètre;

Fin de la séance vers 17:45 heures

In memorian

Romain Schmiz, Architekt-Urbanist Bäertref

(* 05.08.1966 - † 17.02.2022)



D'Gemeng Bäertref huet viru kuerzem ee vu senger wichtigste Partner verluer, deen déi lescht 18 Joer mat gehollef huet d 'Liewensqualitéit an eiser Gemeng ze verbessern.

Mat Entsetzen hu mer den 18. Februar d'Noriicht kritt, datt de Romain Schmiz stënterlech vun eis gaangen ass.

De Romain huet säit 2005 reegelméisseg mat der Gemeng Bäertref zesummegeschafft. Sou ass ënnert senger Regie deen éischte Bebauungsplang 2010 geneemegt ginn. Weider Projetë waren d 'Erneuerung vun der Virplaz vum Bäertrëffer Kierfecht, d'Festplaz am «Maartbësch», d'Renovéierung a Vergréisserung vum Gemengenhais, den Entwécklungsplang vum Site «Maartbësch», d'Erneuerung vun der Duerfplaz an da besonnesch eise Waassertuerm Aquatower, dat neit Symbol vun eiser Gemeng.

Privat steet de Romain zesumme mat senger Fra Aline fir de gelongenen Émbau vum fréieren Hotel Herbert an de bekannten «Berdorfer Eck».

Mir haten nach e puer Projeten an der Bearbechtung déi mir elo leider onni hie musse fäerdegstellen, wéi de soziale Wunnengsbau zu Bollendorf-Pont, d 'Revisioun vum Bebauungsplang an de grouse Projet vun dem Bau vun der neier Maison Relais mat Erweiderung vum Schoulkomplex.

Mir wäerten dem Romain seng fachlech Kompetenz a seng jovial a frëndlech Aart a Weis vermessen.

Senger Fra Aline, senger Bouwen an der ganzer Famill nach eng Kéier eist déifste Matgefill a mir wënschen lech vill Kraaft an dëser schwéierer Zäit.

2 *Aktivitéiten ronderëm d'Gemeng*

63. Joeresdag vum groussen tibetesche Volleksopstand

An enger Zäit wou nach ëmmer onofhängeg Staate vu hire Noperen attackéiert a menacéiert ginn, gedenke mer dem 63. Joeresdag vum groussen tibetesche Volleksopstand.

Ronn 87.000 Tibeter sinn 1959 gestuerwen, wéi sie sech géint die chinesesch Besatzung erhuewen hunn. D'Geschicht widderhëllt sech emmer nees.

Duerfir dréckt d'Gemeng Bäertref op dësem 10. März mat dem Ophänken vum tibetesche Fändel seng Solidaritéit mat dem tibetesche Vollék aus, a gedenkt gläichzäiteg allen anere Vëlker déi vun hiere muechtgierege Noperen ënnerdréckt a besat ginn.



Solidaresch mat der ukrainescher Bevëlkerung

D'Gemeng Bäertref huet sech solidaresch mat der ukrainescher Bevëlkerung gewisen an den Aquatower an de Faarwen vun der Ukraine beliicht.

[Weider Informatiounen fannt dir op eisem Site](https://www.berdorf.lu/actualites/article/2022/03/pressecom-munique-vum-auslands-an-europaministere-communique-de-presse-du-ministere-des-affaires-etrangees-et-europeennes)

<https://www.berdorf.lu/actualites/article/2022/03/pressecom-munique-vum-auslands-an-europaministere-communique-de-presse-du-ministere-des-affaires-etrangees-et-europeennes>



Neie Mataarbechter fir d'Gemeng Bäärtref

D'Gemeng Bäärtref huet en neien Mataarbechter. Méi genee ass et en neit Gesiicht wat dir an Zukunft meih oft am Service Technique gesi wäert. Mir hunn eis erlaabt e klengen Interview ze maachen fir e besse eppes iwwert den David Schuster gewuer ze ginn. Mir wënschen him op jiddferfall vill Spass bei sengen neie Funktiounen op der Gemeng.

- **David, erziel eis e besse, wou kënnst du hier, wéi eng Schoulen hues du gemaach, a wat huet dech zum Ingenieursberuff bruet, a wou hues du bis elo geschafft?**

Kuerz zu menger Persoun, ech sinn de Schuster David, 31 Joer al a wunnen zu Hiefenech, sinn e gebiertege Rippegerjong, Primärschoul hunn ech zu Berbuerg gemaach an am Lycée wor ech zu lechternach. Opgrond vu menger technescher Neigier déi sech scho frei entwéckelt huet, hunn ech mech fir eng akademesch Carrière (Bauingenieurwesen) um KIT zu Karlsruhe entscheet.

Direkt nom Studium huet sech d'Méiglechkeet erginn, am Büro d'Etudes „Daedalus Engineering“ zu Hiefenech ze schaffen, wou ech och schon divers Praktika maachen duerft, soumat hunn ech d'Equipe schonn's zum groussen Deel kennt, wat den Astig an d'Beruffsliewen enorm vereinfacht huet.

No 3 Joer hunn ech Decisioun dunn geholl, e neie Wee a menger berufflecher Carrière anzeschloen, andeem ech aus dem private Secteur an de Secteur Communale gewiesselt sinn, op d'Gemeng Lëtzebuerg (VdL), an de Service Coordination des Chantiers. Dëst war net nëmmen e Wiessel aus dem privaten an de kommunale Secteur, mee och e neit fachlecht Gebiet. Op der VdL wor ech knapp 1,5 Joer, éier sech d'Méiglechkeet gebueden huet hei op Bäärtref ze kommen.

- **Wat waren dann deng Beweegrënn fir op eiser Gemeng ze schaffen ?**

Beweegrënn op Gemeng Bäärtref ze komme goufen et der vill, ee vun den Hauptgrënn woren déi positiv an oppe Gespréicher mam Claude Wagner, awer och rëm zeréck an den Osten ze kommen, fir hei ze schaffen an zur positiver Entwécklung vun der Regioun bäizedroen. Hei op der Gemeng bidd sech e ganz breet gefächerten Aufgabeberäich an deem ee schafft an et herrscht e ganz familiärt Aarbechtsklima.

- **Haas du am Virfeld schonn op irgend eng Art a Weis Kontakt mat der Gemeng Bäärtref ?**



Mat der Gemeng Bäärtref hunn ech sougesi schonn's säit menger Kandheet ëmmer rëm Kontakt. Als Kand konnt ech jorelaang mat mengem Papp hei op d'Juegd kommen, dann ëmmer rëm schéin Spiller am Futtball géint den US Berdorf-Consdorf, dat alljärecht Haupeschest, déi flott an ofwiesslungsräich Natur a Wanderweeër, déi ech an de letzte Joren besser kennegeleiert hunn.

- **A wat sinn deng Ziler lo konkret hei an der Gemeng?**

Meng Ziler hei an der Gemeng sinn, mech an die bestehend Strukturen eranschaffen an ze verstoen, domat ech der gesamter Equipe beschtméiglech hëllef kann, weiderhin un engem Strang ze zéien, domat d'Gemeng Bäärtref och an Zukunft sou gutt opgestallt bleift.

Perséinlech hoffen ech hei meng berufflech Plaz fonnt ze hunn. Op dësem Wee wollt ech der gesamter Equipe e grouse Merci soe fir den härerlechen an offenen Empfang.



Och de Claude Bartz huet säi Wee op Bäärtref fonnt. E klengen Interview soll eis e besse weisen wou de Claude hierkënnt a wat seng Ziler als Gäertner an der Gemeng Bäärtref sinn. Vill Freed beim liesen.



- **Claude, erziel eis e besse, wou kennst du hier, wéi eng Schoulen hues du gemaach, a wat huet dech zu dengem Beruff bruet, a wou hues du bis elo geschafft?**

Ech komme vu Beefort, sinn awer gebierteg vun Uesweiler. Ech hu meng Primärschoul zu Rouspert gemaach, duerno war ech vu 7ème bis 9ème am LCE zu lechternach, duerno hunn ech meng Léier gemaach a war am LTA (Ackerbauschoul zu Ettelbréck). Meng Elteren hunn e grouse Gaart, an ech hu vu Kand un ëmmer do gehollef an daat huet mir Spaass gemaach. A sou sinn ech dunn zu mengem Beruff komm. Hunn dunn 2 Joer meng Léier beim Privatpatron gemaach, duerno war ech "Chef des équipes" bei ProActif, wou ech e puer Equippen enner mir haat. Do war ech 4 1/2 Joer. Doropshin hunn ech zu Rouspert op der Gemeng geschafft wou ech e Kontrakt vun 1 Joer hat fir e Congé parental z'ersätzen. Duerno war ech als Aarbechter bei der Hiefenecher Gemeng, wou ech 7 Joer geschafft hunn.

- **Wat waren dann deng Beweeggrënn fir op eiser Gemeng ze schaffen ?**

Ech hu Bäärtref nach ëmmer eng schéi Gemeng fonnt, an ech wollt een Deel dozou bäidroen. Well ech heirëm a mengem Beruff als Landschaftsgäertner respektiv als Gäertner ka schaffen, an ech awer och eng Aarbecht wollt/wëll maachen déi fir d'Allgemengheet ass.

- **Haas du am Virfeld schonn op irgend eng Art a Weis Kontakt mat der Gemeng Bäärtref ?**

Ech hat eng Kéier mat der Gemeng Bäärtref ze dinn, dat war fir den Haupeschmaart wou mer vun Pro Actif, Chalet'en an Pavillion'en opgericht hunn.

- **A wat sinn deng Zieler lo konkret hei an der Gemeng?**

Den Service Technique bescht méiglech ze ënnerstëtzen, a fir d'Allgemengheet do ze sin.



Neues Hotel in der Gemeinde Berdorf

In der Grundschule in Berdorf wurde in Anwesenheit des Club Soroptimist Echternach und der Gemeinde Berdorf das neue Insektenhotel eingeweiht. Der Club Soroptimist Echternach sah sich in der Pflicht eine Spende für den Naturschutz zu machen. Gemeinsam mit der Naturparkschoul und der biologischen Station des Natur- & Geopark Möllerdall entstand die Idee ein Projekt auf die Beine zu stellen, bei dem Bildung und Sensibilisierung im Vordergrund standen.

Die biologische Station kümmerte sich um die Beschaffung der richtigen Materialien für die Befüllung des Insektenhotels. Das Holz für die Befüllung wurde von Good Wood aus Reuland zur Verfügung gestellt. Anschließend wurde den Kindern des Zyklus 4 vorgeführt, wie das Material richtig vorbereitet wird und was man dabei beachten muss. Somit wurden die Schüler zu kleinen Biologen ausgebildet und konnten den unteren Zyklen ihr neues Wissen weitergeben. Während mehreren Wochen haben die Schüler das Material eigenständig vorbereitet.

Für das Rahmengerüst des Hotels wurde eine Eiche aus der Region verarbeitet. Das Holz wurde von der Gemeinde Berdorf und dem zuständigen Forstrevier zur Verfügung gestellt. Für den Bau des Grundgerüsts wurde die Schreinerei Holzbau Neumann aus Heffingen beauftragt. Rundum das Hotel wird noch eine Blumenwiese angelegt und ab dann heißt es warten auf die ersten Gäste.



Text a Fotoen: NGPM

Berliner Kissen in 2 weiteren Strassen der Gemeinde – Auswertung der Bürgerbefragung

Aufgrund der positiven Erfahrungen mit den in den letzten Jahren installierten „Berliner Kissen“ in einigen Strassen der Gemeinde sollen 2022 weitere 2 Strassen verkehrsberuhigt werden.

In den im Vorfeld getätigten Umfragen in den Strassen „an der Ruetsbech“ in Berdorf und „Gruusswiss“ in Bollendorf-Pont haben die Anwohner Ihre Zustimmung zum Projekt der Installation von Berliner Kissen ausgedrückt: 87,50 % in der Strasse „an der Ruetsbech“ in Berdorf und 57,14% in der Strasse „Gruusswiss“ in Bollendorf-Pont.

In den erwähnten Umfragen hat sich ergeben, dass die Geschwindigkeitsüberschreitungen in beiden Strassen das weitaus grösste Verkehrsproblem darstellen. Durch den Einsatz von „Berliner Kissen“ kann diesem Verkehrsproblem ganz gezielt entgegengewirkt werden. Diese geschwindigkeitsreduzierenden Gummielemente zeichnen sich durch ihre gemässigte Höhe aus, machen beim Überfahren durch Pkw's keinen Lärm und können ohne grosse Strassenbauarbeiten einfach aufgedübelt werden. Landwirtschaftliche Fahrzeuge, Fahrräder und Fussgänger können an den Kissen vorbeifahren respektiv gehen.

In den nächsten Monaten wird die Detailplanung sowie die anschliessende Installation der Kissen in den beiden Strassen erfolgen.



Fotos und Text: Claude WAGNER

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagiert sech

KLIMAPAKT 2.0 – FORTSETZUNG FOLGT

Nachdem der Klimapakt 1.0 vergangenes Jahr auslief, wurde am 12. Juli 2021 der Vertrag zum Klimapakt 2.0 zwischen dem luxemburger Staat, My Energy und der Gemeinde Berdorf unterzeichnet.

Da der Klimapakt 1.0 ganz klar als sichtbarer und messbarer Erfolg in den Bereichen Klimaschutz, Förderung erneuerbarer Energien, Umdenken in Mobilitätsfragen und Partizipation auf Gemeindeebene verbucht werden kann, stand uneingeschränkt fest die neue Herausforderung Klimapakt 2.0 anzunehmen.

Anhand eines Massnahmenkatalogs „Klimapakt 2.0“ mit 64 Maßnahmen werden die Gemeinden effektiv hin zu einer nachhaltigen Politik in den Bereichen Energie, Klimawandel und Mobilität orientiert. Der Katalog ist in 6 Hauptbereiche gegliedert: Entwicklungsplanung und Raumordnung, kommunale Gebäude, Versorgung, Entsorgung, Mobilität, interne Organisation, Kommunikation und Kooperation.

Für die Umsetzung dieser Maßnahmen einer nachhaltigen Energie- und Klimapolitik zeichnen in der Gemeinde Berdorf ein Klimateam, ein externer Klimapaktberater in der Person von Thierry Schaack (vom Studienbüro Schroeder & associés) sowie die politischen Entscheidungsträger der Gemeinde verantwortlich.

Der Klimapakt 2.0 hat eine Laufzeit von 10 Jahren und die Gemeinden werden regelmäßig auf ihre Bemühungen und Erfolge geprüft und bewertet.

Text: Claude WAGNER

KlimaPakt | EUROPEAN
ENERGY
AWARD

Meng Gemeng engagéiert sech

BOULDERBLOCK – NEUE ATTRAKTION IM MAARTBËSCH IN BERDORF


Auf Vorschlag der Sportkommission der Gemeinde Berdorf wurde auf dem naturnahen Spielplatz „Maartbësch“ in Berdorf ein Boulderblock errichtet.

Als Bouldern bezeichnet man Klettern ohne Seil und Klettergurt, an Felsblöcken, Felswänden oder wie hier an einem künstlichen Boulderblock. Man klettert immer nur in Absprunghöhe (max. 4,5 m). Aus dieser Höhe kann man ohne Verletzungsgefahr auf die darunter liegenden, ca. 40 cm dicken Fallschutz aus Rindenmulch abspringen. Zum Bouldern auf dem Block benötigt man keine Vorkenntnisse und keine Ausrüstung. An Boulderblöcken treffen sich Kinder, Jugendliche, Familien, Profis, Freunde und auch viele ältere Menschen, um gemeinsam zu trainieren und eine gute Zeit zu haben. Durch den Boulderblock soll Spaß am Klettern vermittelt werden und Anfängern den einfachen Zugang zum Klettersport ermöglicht werden.

Für die Lieferung und Montage des Boulderblocks (Holzkonstruktion) zeichnet das Unternehmen Artrack aus Österreich verantwortlich. Die Boulderblöcke des Unternehmens Artrack zeichnen sich durch hohe Qualität und anspruchsvolles Design aus. Das Unternehmen hat bereits über 400 Projekte in 10 verschiedenen Ländern im Bereich des Kletter- und Bouldersports umgesetzt. Die notwendigen Fundamente wurden vom Bauunternehmer Alphabau gefertigt und die Koordination des Projektes sowie der Einbau des Fallschutzes übernahm der technische Dienst der Gemeinde Berdorf.


Text und Fotos: Claude WAGNER





3

Schoul an Opfangstrukturen



De Schoulreider



Photos: Martine Thommes-Wintersdorf



Den Cycle 3 war op d'Äispist.



D'Klass vum Här Sonveau huet och am Gaard geschafft.

De Cycle 2.1 war aktiv



D'Fuesbake waren ënnerwee. Mir feieren Fuesend an der Schoul



D'Spillschoul kënt liichten



Mir si sportlech,
fueren mat der Trottinette
a mam Velo



Die Gemüsesuppe

Wir ziehen den Ballerwagen durch den Wald zum Grillplatz. Wir haben Zwiebeln, Möhren, Lauch, Kürbisse und Kartoffeln. Wir schneiden das Gemüse und das Wasser in den Topf. Wir machen Feuer mit Holz. Die Suppe kocht auf dem Feuer. Wir essen die Suppe. Für die meisten Kinder war die Suppe lecker. Wir danken dem Förster Frank und seinen Arbeitern für das Holz. Die Kinder vom 2. JA

Gemüszopp
op der Grillplaz
kachen



Insektenausstellung mat dem Cycle 4.2



Wir arbeiten im Garten



1. Wir entfernen kleine Steine.
2. Wir füllen die gute Erde in eine Schubkarre.
3. Wir füllen viele Eimer mit Kompost. Wir arbeiten mit einer Schaufel. Die Eimer tragen wir zum Hochbeet. Wir füllen das Beet auf.
4. Die gute Erde werfen wir aus der Schubkarre zurück ins Beet.
5. Mit den Händen und mit dem Rechen  ebnen wir die Erde.
6. Wir säen Kresse , Möhren, Petersilie und Porree (Lauch) .
7. Damit wir wissen, wo was wächst, beschriften wir Etiketten aus Holz.
8. Wir gießen mit der Gießkanne.

In den ersten zwei Wochen muss die Erde feucht bleiben. Achtung: vorsichtig gießen!
Danach, wenn die Erde trocken ist, müssen wir gießen.

Was wollen wir noch in unserem Garten haben?

- Kartoffeln (um Chips und Pommes zu machen)
- Erdbeeren (um zu naschen)
- Zwiebeln (um das Käsebrot zu verfeinern).

Mara, Finn, Tomas, Elena, Charles, Ines, Ilazki, Max, Lou, Noah, Sara, Klaudia & Romain

Im Wald mit Förster Frank, Cycle 4




Text a Fotoen: Josée Moulin

An einem Freitagmorgen gingen wir mit dem Förster in den Wald. Außer dem Förster Frank waren auch noch Lexy und Philippe da, sie sind ganz am Ende ihrer Ausbildung um Förster zu werden. Gleich zu Beginn kamen wir zu einer Absperrung, die die Leute davon abhalten soll, die Gefahrenzone zu betreten wo Bäume gefällt werden. Als erstes erklärte uns Frank, was mit dem Holz passiert, nachdem es gefällt wurde. Zum Beispiel wird das Holz zu Feuerholz mit einem Holzpsalter zerkleinert oder es wird zu Möbeln verarbeitet. Dazu wird der Stamm, der gefällt wurde aber erst zum Weg gebracht. Das wird mit einem Traktor oder mit Pferden gemacht. Dann stellte der Förster uns Max und Sepp vor. Max arbeitet mit Sepp. Sepp ist ein Ardenner Pferd und ist ein ausgebildetes Zugpferd. Nachdem Frank uns die beiden vorgestellt hatte, konnten wir auch mal probieren, ob wir einen Baumstamm ziehen können und wir haben ihn sogar einige Meter gezogen. Jetzt übernahm Sepp seine Arbeit und zog auf den Weg. Im Vergleich zu den Traktoren ist Sepp viel leichter und umweltfreundlicher. Er presst den Boden nicht so fest, das sorgt dafür, dass nicht so viele Insekten sterben. Sepp braucht bei Sepp auch nicht einfach auf ein «Ein-Ausknopf» drücken wie beim Traktor. Nach einer kurzen Pause gingen wir zu Lexy und Philippe. Die beiden erklärten uns woran man merkt, dass ein Baum krank ist, wie zum Beispiel wenn er im Sommer keine Blätter/Nadeln mehr hat. Die Waldarbeiter zeigten uns ihre Schutzausrüstung und die Motorsäge. Wenn man bedenkt, dass die ganze Kleidung zwischen 8 und 9 Kilo wiegt, sind die Arbeiter schwer gerüstet. Dann war es endlich soweit: ein Waldarbeiter hat einen Baum gefällt. Zuerst schrie er richtig laut: «Aufgepasst», damit jeder weiß, dass ein Baum gefällt wird. Danach durften wir selber mal Förster spielen. Wir sollten in Gruppen einen Baum markieren, der den Zukunftsbaum beim Wachsen stört. Ein Zukunftsbaum ist ein Baum, der später benutzt wird, um Möbel herzustellen. Zum Schluss haben wir noch ein Gruppenbild gemacht. Wir bedanken uns bei Frank und seinem Team für diesen tollen und lehrreichen Morgen.

**Man kann bei Sepp
auch nicht einfach auf ein
«Ein-Ausknopf» drücken**

den Baumstamm in Nullkommanichts toren ist Sepp viel leichter und umweltso fest, das sorgt dafür, dass nicht so kein Benzin aber dafür Futter. Man kann



Aktivitéite vum Cycle 2.2



Gewaltpräventiounscours an Zesummenaarbecht mat der Police



Am Bësch ënnerwee



Trotz de kalen Temperaturen hu mir e flotte Moien am Dinosaurierpark Teufelsschlucht verbruecht.



Fuesend 2022

Name: _____

11. März 2022

Wir kochen eine Gemüsesuppe auf dem Grillplatz



Sieben Kinder ziehen und
drücken den Bollerwagen durch
den Wald.

Wir liegen auf dem Boden.

Wir sind ganz ruhig und hören die
Vögel zwitschern.



Im Holzschuppen ist
trockenes Holz.

Wir tragen das Holz zum
Grill.



So macht man das Feuer an. Das Feuer war
schon in 5 Minuten groß. Wir durften nicht mit



den Händen dran.

Bruna, Anna und Aurora bauen

den Grillfuß auf.



Wir schälen und schneiden das Gemüse:

Karotten, Lauch, Kartoffeln, Zwiebeln und Kürbis.



Wir haben kleine Stücke geschnitten. Das Gemüse

kommt in eine große Schüssel.



Etat civil Anniversaires

Partenariat


Florentin Thibaut - Kirsch Catalina

29.12.2021



Marriage

Ferreira da Costa Xavier - Backes Candy Alexandra
25.02.2022



Veräiner 5



Generalversammlung vun der Harmonie Berdorf asbl

D'Harmonie Berdorf hat den 11. Februar 2022 ob hier Generalversammlung an den Centre culturel «A Schmadds» agelueden.

Dës Generalversammlung stung ganz ënnert dem Zeechen vum Abschied vun hierem langjähregen Präsident, dem René Manternach, an hirem langjähregen Sekretär, dem Roger Eiffes. D'Harmonie Berdorf huet hinnen zwee Merci gesot fir hire groußen an onermiddlechen Asaz den se iwwer laang Joeren ënner Beweis gestallt hunn.

Unanime gouf de René Manternach zum Eierepräsident an de Roger Eiffes zum Eieresekretär vun der Harmonie gewielt. Dat war sonner Zweifel een vun den méi emotionalen Momenter vun dësem Owend.

An der Generalversammlung gouf awer och de Programm fir 2022 virgestallt. De Programm steet ganz ënnert dem Moto vum 115. Anniversaire vun der Harmonie. Een Organisatiounskomitee ass am Gaang u verschiddene Concerten an Manifestatiounen ze plangen fir dëse Gebuertsdag mat iech ze feiern.



Text a Fotoen: Harmonie Berdorf



ECHTERNACH

Ecole Régionale de Musique



Tu veux apprendre à jouer un instrument l'année prochaine, mais tu hésites encore sur le choix de l'instrument?

Alors inscris-toi pour un **Cours d'Essai!**

A PARTIR DE 5 ANS (AU 1. SEPTEMBRE) TU PEUX APPRENDRE LA FLÛTE À BEC, LE VIOLON, LE VIOLON ALTO ET LE VIOLONCELLE.

A PARTIR DE 6 ANS (AU 1. SEPTEMBRE) TU PEUX APPRENDRE TOUS LES INSTRUMENTS.

NOUS TE PROPOSONS UN COURS D'ESSAI POUR LES INSTRUMENTS SUIVANTS :

FLÛTE À BEC, FLÛTE TRAVERSIÈRE, HAUTBOIS, CLARINETTE ET SAXOPHONE

TROMPETTE, BUGLE, COR D'HARMONIE, TROMBONE ET BARYTON

PERCUSSION ET PERCUSSION LATINE

VIOLON, VIOLON ALTO, VIOLONCELLE, CONTREBASSE, MANDOLINE, GUITARE BASSE ET HARPE

ORGUE, CLAVECIN ET CARILLON



Intéressé(e)? Alors inscris-toi par e-mail ou par téléphone

E-Mail: marc.demuth@em-echternach.com

Numéro de téléphone : 72 82 54

www.emechternach.com

Ville
d' **ECHTERNACH** 
www.echternach.lu

**Den Dënschden 10. Mee um 18:30 am Centre Culturel Kuerwénkel ass eng Auditioun
vun der Iechternacher Museksschoul mat Schüler aus den Gemengen Consdorf,
Berdorf an Waldbëlleg.**

D'Entrée ass frei an et gëllen déi hygienesch Mesuren déi deen Moment aktuell sinn.

115 Joer - Harmonie Bäertref 1907-2022

D'Joer 2022 ass e speziell fir d'Harmonie Bäertref, well si kennen hiren 115. Gebuertsdag feieren.

Am Laf vum leschte Joer waren e puer Jonker aus der Gemeng déi gemengt hunn et misst een nees e bëssche méi positiv an d'Zukunft kucken, d'Corona-Pandemie hanneru sech loossen, a fir 2022 e puer flott kulturell Evenementer organiséieren. Duerfir huet sech den 115. Gebuertsdag vun der Harmonie Bäertref ugebueden a schnell huet sech eng dynamesch Équipe zesumme fonnt fir an deem Sënn eppes op d'Been ze stellen.

An enger relativ kuerzer Zäit gouf e flotten Programm zesummegebaut fir dësen Anniversaire ze feieren. An der flotter Brochure déi dëser Deeg un all Haushälter verdeelt gëtt, fann dir den Detail vun dësen Evenementer, déi deen scho gutt gefüllten Joresprogramm vun der Harmonie, deen der hei fannt, erweidere wärt.


E groussen Merci geet un all d'Sponsoren déi dës Initiativ mat engem Don ënnerstëtzt hunn.

Mir hoffen dat mir lech an őr Frënn bei deenen flotten Concerten a Manifestatiounen kënnen begrëissen.



Text a Fotoen: Harmonie Berdorf

Organisatiounscomité vu lénks no rechts: Ben Streff (Präsident), Jeff Goebel, Martin Conrad, Roland Kayser, Lynn Konsbruck, Claude Oé (et feelt den Tim Hoffmann)''





Kierch Bollendorf-Bréck

*Mir soe
Merci !*

*Mat ärem Don
fir ons Krëppchen
an de Kollekte bis den 13.2.
konnte mir
800.- € un
Fondation „Partage.lu“
iwerweisen*

14.02.2022

Par Regioun Echternach Saint Willibrord

Wechsel in der Verwaltung der Aquatower asbl – Jessica Zeimetz folgt auf Sandy Moulin


Seit dem 1. April 2015 leitete Sandy Moulin die Geschicke der Aquatower asbl und organisierte die Besichtigung des Berdorfer Wasserturms mit seiner Ausstellung und der Aussichtsplattform. Mit vielen interessanten Events und Ideen trug Sandy dazu bei den Aquatower national und international bekannt zu machen und als Hotspot im touristischen Angebot der Müllerthalregion zu vermarkten.

Doch vor kurzem entschied sich Sandy für eine Neuorientierung in ihrem Berufsleben und hat die Aquatower asbl am 1. April 2022 verlassen.

In einer kleiner Abschiedsfeier dankte Präsident und Bürgermeister Joe Nilles Sandy für ihren Einsatz während der vergangenen 7 Jahre und wünschte ihr seitens der Aquatower asbl und der Gemeinde viel Glück für das weitere Berufsleben.

Den Verantwortlichen gelang es jedoch in kurzer Zeit eine Nachfolgerin für Sandy Moulin zu finden, und dies in der Person von Jessica Zeimetz. Nach ihrem Abitur im Echternacher Lyzeum schloss Jessica an der Hochschule Fresenius in Köln 2017 ihren Bachelor im Tourismus und Eventmanagement ab und sammelte danach in diesen Bereichen ihre ersten Berufserfahrungen.

Mit Jessica Zeimetz und Patrice Neumann kann die Aquatower asbl demnach weiter auf ein dynamisches und engagiertes Team zählen.



Changement dans la gestion de l'asbl Aquatower – Jessica Zeimetz remplace Sandy Moulin

Depuis le 1er avril 2015, c'est Sandy Moulin qui a dirigé les affaires de l'asbl Aquatower et a organisé les visites du château d'eau à Berdorf avec son exposition et son point de vue. Avec l'organisation d'événements intéressants Sandy a réussi à faire connaître notre „Aquatower“ sur le plan national et international et l'a transformé dans un des points actifs de la région du Mullerthal.

Mais il y a peu de temps, Sandy vient de décider de donner à sa vie professionnelle une nouvelle orientation et elle a décidé de quitter l'asbl le 1er avril 2022.

Lors d'une réception d'adieu, le président de l'asbl et bourgmestre Joe Nilles a remercié Sandy pour son engagement pendant les dernières 7 ans et lui a souhaité de la part de l'asbl et de la commune plein de succès pour son avenir professionnel.

Néanmoins les responsables de l'asbl ont réussi dans un court laps de temps de trouver une remplaçante pour Sandy Moulin dans la personne de Jessica Zeimetz. Après sa première au lycée classique d'Echternach, Jessica avait suivi des études à l'université de Cologne et a réussi son bachelier dans les branches de tourisme et de gestion d'événements, pour ensuite vivre ses premières expériences professionnelles dans les mêmes branches.

Avec Jessica Zeimetz et Patrice Neumann, l'asbl Aquatower peut de nouveau compter sur une équipe dynamique et engagée.

Kannerliesung an Zesammenaarbecht mat Kremart Edition s.à r.l.

...de 06.03.22

Um Sondeg de Moien gouf et eng Liesmatinée fir Kanner vun 3 bis 7 Joer. Um Programm stoungen "A wann,...d' Geschicht vum Fuuss a vum Schleck", "De Schusch an de Bier" an déi neiste Story vun der klenger Prinzessin: "Ech wëll nach en Hues"



07.04. 22 Sonnenënnergang mam Berdorfer Keis

Deen Owend konnt een am Aquatower s'én Dag bei enger Verkostung vun den regionalen Produiten vum "Berdorfer Keis" auskléngen loossen an dobäi eng aussergewöhnlech Vue aus enger Héicht vun 55 Meter genéissen.



Text a Fotoen: Aquatower Berdorf

Weltwassertag 27.03. zesummen mam Natur- & Geopark Mëllerdall

E Familjefest mat flotten Aktivitéiten zum Thema Waasser. Et goufen Wanderungen gemeet, eng Kanner Liesung an 55 Meter Héicht, geféierten Visiten duerch eis Ausstellung a nach villes méi.



Geféiert Visite fir Veräiner, Schoulen, Familien ... sinn dat ganzt Joer iwver méiglech.
Ufroen op: aquatower@berdorf.lu oder um Telefon 79 01 87-37
Weider Informatiounen fannst Dir och op: www.aquatower-berdorf.lu

AGENDA – SAVE THE DATE

LU/D/FR => 01.05., 26.05., 23.06. & 15.08.

NL / EN => 27.07., 10.08. & 24.08.

Entdecke den Aquatower

Gefeierten Besichtigungen / Umeldung ass obligatoresch

24.09. + 25.09.

Sunset Dinner ënnert dem Motto "Gudde Kascht –
Mol Anescht, Einfach a Gutt !"
Aquatower



Detailer zu de Programmer geschwënn ënnert: www.aquatower-berdorf.lu
An natierlech och op Facebook & Instagram

07.07. + 21.07. // 04.08. + 18.08.

Nocturnen am Aquatower

Generalversammlung vun de Pompjeeën



De 26. Mäerz hat d'Amicale vun de Bäertrëffer Pompjeeën hir järelech Generalversammlung am Kultur Zentrum „a Schmadds“. Nodeems de Präsident Peter Hauer d'Gäscht, an d'Membere vun dem Gemengerot begréisst huet, ass de Secrétaire a sengem Tätigkeetsbericht ob déi verschidden Asätz vum vergaangene Joer agaangen. An senger Interventioun ass de Paul Metzler nieft de Rekrutementsproblemer, déi warscheinlech all Centre d'Incendie et de Secours kennt, awer och ob déi gutt Zesummenaarbecht mat de lokale Gemengenautoritéiten agaangen. Z'ännersträchen ass, datt eise CIS den Ablack 5 Memberen zielt, déi fest bei der Gemeng agestallt sinn. Sou ass et méiglech daagsiwwer eng Permanence z'organisieren, fir de Leit aus der Gemeng bei Bedarf schnell hëllef ze kennen. An dem Kontext nach eng Kéier en décke Merci un eis Gemeengepäpp, déi eis heimat enorm ennerstëtzen. Nom Secrétaire war et dann um Caissier, dem Marco Siebenaler, dee déi méi wéi gesond Finanze vun der Amicale presentéiert huet. Nodeems d'Keess gutt geheescht gouf, huet de Marco Siebenaler säi Posten als Member vum Comité no 36 Joer (dovun 22 als Caissier) zu Verfügung gestallt. D'Membere vum Comité hunn sech et net huele gelooss, dem Marco eng flott Corbeille an e Bong fir eng Vakanz z'iwwerreechen. Dem Marco a senger Fra dann och nach enger Kéier ob dëser Plaz e risege Merci fir di super Aarbecht. Säi Poste gétt dann elo an Zukunft vum Sven Tielemans iwwerholl, deem mer eng glécklech Hand a senger neier Funktioun als Caissier wënschen. Zum Schluss huet den Dan Scharff d'Wuert als Member vum Schännerot ergraff, an ass op d'Problematik vum Rekrutement bei de Pompjee agaangen. Senger Meenung no wier d'Haaptproblematik beim Rekrutement déi héich Ufuerderungen déi aktuell un d'Leit gestallt gi, wann se wëlle Member beim CGDIS ginn. Nom offiziellen Deel ass den Owend bei engem klengen Patt a bei gudder Laun ob en Énn gaangen.



Text a Fotoen: Bäertrëffer Pompjeeën

Generalversammlung vum Berdorfer Laf



Dës Ekipp ass prett fir de Berdorfer Laf vun dësem Joer ze organiséieren: de 14. Mee geet et op ronn 7 oder 13 Kilometer op engem usprochsvollen Trail duerch de schéine Bësch zu Bäertref.

www.berdorferlaf.lu

BERDORFER

14.05.2022

Trail

KANNER-LEEF 16:00
400M-800M an 1200M

HAPT-LEEF 17:00
6,7Km an 13Km

Afternoon **PARTY** 20:00

Berdorfer Laf
BERDREF
COOLTEC
Sungas
BAERTREF

Text a Fotoen: Berdorfer Laf

Generalversammlung vun de Fraen a Mammen Berdorf



Text a Fotoen: Fraen a Mammen Berdorf

Den 23. März konnten d'Fraën a Mammen vu Berdorf op hirer Generalversammlung Checken am Wert vun 28.500€ iwverreechen.

Dëst war den Erléis vum Haupeschfest 2021, deen Coronabedingt ënnert enger anerer Form stattfont huet. Trotz Pandemie waren méi wéi 5000 Leit op Besuch komm fir de Konschtaussteller hir Wierker unzekucken an am Foodvillage ee gudde Maufel ze iessen.

D'Suën vun desem Fest goufen gespend un: Télévie, Eng oppen Hand fir Malawi, Make me Smile, Pour la vie naissante, Fondation de la maison de la porte ouverte, Privaten Déiereschutz Niederanven an United for Hope, se kruten jeweils 3000€, Die Ahrche (Flutkatastrophe am Ahrtal) 2500€, an 5000€ gufen gespend un d'Unicef fir d'Ukraine.

Déi Verantwortlech vun dene verschiddenen Organisationnen hu Merci gesot an dovu profitéiert fir hir Projet'en virzustellen, an ze erklären wéi d'Suën verwend gin.

D'Sekretärin Christine Kaps huet den Aktivitéitsbericht virgedroën an d'Caissière Marie-France Siebenaler de Keessebericht.

D'Presidentin Linda Hartmann huet der Gemeng, de Sponsoren, de Memberen an de Frënn en hätzleche Merci gesot fir déi wertvoll Ennerstëtzung, an huet sech gewënscht dat dat an Zukunft esou bleiwt.

De Buergermeeschter Joé Nilles huet d'Wuert ergraff an de Fraen a Mammen fir déi gudd Aarbecht felicitéiert.

De Comité setzt sech aus 11 Memberen zesummen: Presidentin Linda Hartmann, Sekretärin Christine Kaps, Caissière Marie-France Siebenaler, Christiane Anen, Mireille Birkel, Cecile Collignon, Germaine Greischer, Petz Neumann, Mariette Rassel, Yvonne Pistola, Sandra Schneider.

Buergbrennen 2022



6



Mir erënneren eis: 21. Abrëll 2022 - 80. Doudesdag vum Raymond Petit



Gebuer de 16. Januar 1920 zu Lëtzebuerg, war de Raymond Petit ee Resistenzler vun der 1. Stonn, a Grënner vun der LPD (Lëtzebuenger Patriote Liga) am Hierscht 1940.

Als Student am Kolléisch zu Echternach verbréngt de Raymond vill Stonnen hei zu Berdorf

bei senger Famill a bäi Schoulkameroden. Hie war e gebuerene Logiker an Organisateur an huet d'LPL ausgebaut a geleet, zesumme mat Frënn, Studentkollegen a Familljememberen.

Am Fréijoer 1941, kuerz viru senger Première gouf hien vun de Preisen aus dem Lycée gehäit, an huet missen ënnertauchen, wëll hien zevill géint den Okkupant geschafft huet.

Den 21. Abrëll 1942 am Haus «Peiffesch» an der Konstrefferstrooss, huet hie bäi engem arméierte bluddege Gefecht mat der GESTAPO, am Alter vun 22 Joer säi Liewen gelooss, an dat nëmme fir aner LPL-Kameroden an Resistenzler viru Prisong, Kazett an dem méiglechen Dued ze retten.

Haut nach emfanne mir en déiwe Respekt virun esou engem couragéierte Mënsch, deen duerch säin Asaz géint d'Ënnerdréckung, an duerch seng konsequent Haltung, sengem Liewen e fréizäiteg Enn gesat

huet, vir domat senge LPL-Kameroden, a vill anere Lëtzebuenger hiert Liewen ze retten. Hie gëllt als Virbild vir eis selwer awer och vir eis Jugend, déi emmer nees sollen drun erënnert ginn, wat d'Lëtzebuenger zu dem Zäitpunkt vum Krich hu missen duerchmachen an erliden.

Duerch esou Leit, wéi de Raymond Petit, ass de Grondstee geluegt ginn, deen zu engem vereenten Europa gefouert huet.

Am Joer 2008 gouf duerfir an der neier Strooss, déi virdu schonn den Numm Raymond Petit krit hat, e Monument als Gedenken un seng Persoun opgeriicht. Och ass dës Plaz een Element vum nationale "Itinéraire en souvenir de la résistance", wat déi Erënnerungsplack hei ausweist. Wei awer wor et derzou kouw, dat eng ganz Rei vun Resistenzorganisatiounen déizäit entstane sinn?




1939 huet Lëtzebuerg mat grousem Pomp seng 100-järeg Onofhängegkeet gefeiert. D'Leit hunn sech als fräi Natioun an neutral vun allem Stréit an der Welt gefillt an hunn dat mat groussen Ëmzich a Fester gefeiert. Ma hir Freed war vu kuerzer Dauer, well schonn deemools si gro Wolleken iwwer dem däitschen Horizont eropgezunn.

Schon 1938 hat de „Reichskanzler Hitler als Führer des Deutschen Volkes“, den Baumeister Thodt domat beoptraagt, eng 600 Km laang an 30 Km breet Rei Bunkere laanscht déi Franséisch-Lëtzebuergesch a Belsch Grenz, ze bauen. Déi däitsch Propaganda huet deemools behaupt: „Wir bauen des Landes Sicherheit“, awer all Mënsch huet gewosst zu wat dës Oprëschtung géing dengen.



Den Hitler selwer huet säi Wierk op der Plaz begutacht a wéi hien och du nach seng Spiounen, ënnert iergend enger Ursach an ons Land geschéckt huet, fir die strategesch wichteg Weeër a Plazen erauszefannen, huet all Lëtzebuurger verstan, wat sech do géif zesumme brauen. Awer sou liicht sollten déi Däitsch eis Lëtzebuurger net kréien! Schon deemools hunn sech Leit zesumme fonnt déi ons léif gewonnen Fräiheet verdeedege wollten. Och die lëtzebuurger Regierung hat verstan an huet an aller Vitesse reagiert. Déck Betongsbléck goufen op de Brécken no Däitschland, gegoss.

Foto 1 Bollendorf-Pont: MNHM Diekirch



Datselwecht ass op den Haaptstroosse geschitt, sou zu Lauterbuer, um Grondhaff an am Bärtrëffer Bierg zwëschent de Fielsen am Duerchbroch. D 'Poste vun der Douane, der Gendarmerie goufen duerch Privatpersoune verstärkt. All opfälleg Bewegung déisäits der Grenz sollten si an der Stad melden, jidderee war opgeruff direkt Bescheid ze ginn wann hien Opfälleges géif gesinn.

Den 10 Mee 1940 ass déi däitsch Arméi an eist Land amarschéiert. An engem Streech hunn si d 'Land iwwerrannt an hunn déi Franséisch Stellungen un der Grenz ugegraff. D'Lëtzeburger hunn dat geschéie gelooss, - si wore friddlech well mir ware jo e neutralt Land.



Trotzdem koum et un der franséischer Grenz zu uergen Gefechter an et goufe souguer Duedeger bei den Zivilisten. Ons groussherzoglech Famill war mat de Ministere scho frei mueres fort an d 'Exil gaangen, an sou stoung dat lëtzebuurger Vollek op eemol ganz verloossen do, an huet erwaart dat sech do eppes duerch déi deemoleg Groussmächten diplomatesch géing arrangéieren. Dat wor awer net esou, an geschwënn drop gouf eng „Deutsche Zivilverwaltung für Luxemburg“ agefouert. De Verwaltungssëtz war d'Villa Pauly an der Stad an hire Chef war den „Herr Gaulei-

ter Simon“. Den Här Simon war en „Parteibonzen“ vun der schlëmmster Zort an hie gung direkt un d'Wierk fir Lëtzebuerg ze verdäitschen.

Sou sollt all Lëtzebuenger mat engem Referendum ënnerschreiwen datt hie „Deutschsprachig“ wier an dat hien déi däitsch Nationalitéit hätt. Déi éischt Reaktioun koom prompt vun de Lëtzebuenger; 90% vun den Stëmmziedele goufen net ausgefëllt an de Rescht zum Deel mat NEIN beäntwert.

En Deel vun onse Beamten an ons Fräiwëllegekompanie goufen no Däitschland déportéiert „zur Ertüchtigung!“. Wei dunn och nach ons lëtzebuenger Jonge „in das Deutsche Heer“ agezunn goufen dunn ass fir muencher Lëtzebuenger d 'Faass iwergelaf. Am Land hunn sech Resistenz-Gruppen zesummegegoen déi als Missioun haten déi Moosname vun engem „Herr Simon“ ze ënnergruewen. Die eng hunn deene betraffene Jongen eng Stopp gesicht fir dat se net hu missen un d'Front goen.



Déi Aner hunn als Passeuren déi jonk Refraktären, ënner Liewensgefor, iwver die franséisch Grenz bruecht fir se an der sougenannter fräier Zon ënnerzebréngen. Et sief op dëser Plaz un all déi erënnert, die bei dësen Aktiounen erwëscht goufen; an dann ënner onermiddlechen Torturen hiert Liewen an engem KZ hu missen hierginn. Een vun hinne wor den Albert Ungeheuer, dee gehollef huet die Fluchtwéer a Stoppen am Frankräich ze organiséieren. Hie gouf bei enger vun deenen Aktiounen operaf an no onséilege Folter am KZ Natzweiler erschoss.

Och deenen, déi net an enger Organisatioun waren, an sech an dëse geféierleche Krichsjouren trotzdem an Liewensgefor beginn hunn fir Liewen ze retten, sief op dëser Plaz onser aller déifste Merci gesot, mat deenen allerhéchste Wënsch dat ons Jugend vun haut net vergësst, wat couragéiert Patrioten an enger schlëmm Zäit fir ons Heemecht gelescht hunn.



Archives

Wéi Dir vläicht schon op Facebook gelies oder vun anere Leit matkritt hutt, hu mir zanter Kuerzem eng nei Rubrik op eiser Internetsite.

Dës Rubrik heescht "Archives" an do hu mir al Fotoen, Postkaarten, Pläng a Video'en hei aus eiser Gemeng an der Ëmgéigend dropgesat fir de Leit e bësschen ze weisen wéi et fréier hei ausgesinn huet.

Ënner anerem sinn och Fotoen aus dem Zweete Weltkrich dobäi wou Plazen an Haiser ze gesi sinn a mir net wësse wou dat war.

www.berdorf.lu/mediatheque/inconnu

Wann Dir dat wësst, da mellt lech roueg bei eis per Telefon um 79 01 87 -1 oder schreift eis eng Mail op communication@berdorf.lu. Op alle Fall si Dir häerzlech agelueden lech dat Ganzt eng Kéier unzékucken.



7 Wat dir wësse sollt



Rappel - Hinweis



Au début du printemps, nous profitons de l'occasion pour vous rappeler quelques règles fixés par le règlement de police général de la commune de Berdorf du 25 juin 2020 (voir site Internet de la commune www.berdorf.lu) et plus particulièrement le chapitre 2. – Tranquillité publique.

Entre les dispositions de ce chapitre nous tenons à attirer votre attention plus particulièrement sur l'article 35 se rapportant aux travaux de jardinage et travaux non-professionnels :

À l'intérieur de l'agglomération ainsi qu'à une distance inférieure à 100 mètres de l'agglomération, sont interdits:

- les jours ouvrables avant 7 heures et après 21 heures,
- les samedis avant 7 heures et après 18 heures,
- les dimanches et jours fériés.

1. L'utilisation d'engins équipés de moteurs bruyants tels que tondeuses à gazon, motoculteurs, tronçonneuses, souffleuses à feuilles, taille-haies à essence et autres engins semblables;

2. L'exercice des travaux réalisés par des particuliers à des fins non professionnelles, soit sur des propriétés privées, soit à l'intérieur d'appartements, situés dans un immeuble à usage d'habitation, au moyen de moteurs thermiques ou électriques bruyants tels que bétonnières, scies mécaniques, perceuses, raboteuses, ponceuses et autres outils semblables.

Des infractions aux dispositions du règlement précité sont à signaler à la Police Grand-Ducale et peuvent être punies par des amendes jusqu'au montant de 2.500 €.

